No bei dir.

DEMOKRATESCH PARTEI

## Pressematdeelung

Donneschdeg, den 13. Juli 2023

### Chamberwalen 2023: De Comité Directeur huet déi proposéiert Lëscht mat den 21 Kandidatinnen a Kandidate vun der DP Zentrum an d'Lëschten aus de Bezierker Süden, Norden an Osten ugeholl.

Haut den Owend huet de Bezierkscomité Zentrum dem ***Comité Directeur*** vun der DP seng 21 Kandidatinnen a Kandidate fir d'Chamberwale vum 8. Oktober 2023 virgeschloen. Déi regional Spëtzekandidate sinn de **Xavier Bettel** an d'**Yuriko Backes**.

Den Altersduerchschnëtt vun der DP-Lëscht läit bei 52 Joer.

- **Xavier Bettel**, Nationale Spëtzekandidat, Staatsminister, Minister fir Kommunikatioun, Medien a Kultus, 50 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Yuriko Backes**, Spëtzekandidatin, Finanzministesch, 52 Joer, Hesper
- **Guy Arendt**, Deputéierten, Gemengeconseiller, Affekot, 69 Joer, Walfer
- **Simone Beissel**, Deputéiert, Schäffen, Affekotin, 70 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Corinne Cahen**, Schäffen, fréier Familljeministesch, 50 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Sylvia Camarda**, Gemengeconseillère, Choreographin, 44 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Frank Colabianchi**, Deputéierten, Schäffen, 60 Joer, Bartreng
- **Corinne Courtois**, Schäffen, pensionéiert Directrice adjointe vun enger Bankfilial, 61 Joer, Sandweiler
- **Alex de Toffol**, Gastronom, 34 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Jana Degrott**, Gemengeconseillère, Social Entrepreneur, 27 Joer, Steesel

- **Martine Dieschbourg-Nickels**, Gemengeconseillère, Apdiktesch, 63 Joer, Stroossen
- **Patrick Goldschmidt**, Schäffen, Steierberoder, 53 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Anne Kaiffer**, Gemengeconseillère, Metzlermeeschtesch, 43 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Claude Lamberty**, Deputéierten, 1. Schäffen, Vizepresident DP, 46 Joer, Hesper
- **Michel Malherbe**, Buergermeeschter, Kommerzielle Beroder, 65 Joer, Miersch
- **Stéphanie Obertin**, Doktesch, 49 Joer, Nidderaanwen
- **Lydie Polfer**, Deputéiert, Buergermeeschtesch, Affekotin, 70 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Dr Gérard Schockmel**, Infektiolog, 62 Joer, Stad Lëtzebuerg
- **Monique Smit-Thijs**, Buergermeeschtesch, Chargée de cours, 61 Joer, Bartreng
- **Raphaël Stacchiotti**, Coordinateur sportif, 31 Joer, Noumer
- **Nicolas Wurth**, Affekot, 31 Joer, Stad Lëtzebuerg

No der Reunioun vum Bezierkscomité Zentrum ass de ***Comité directeur*** vun der DP zesummekomm, deen d'Lëschten aus de Bezierker Zentrum, Süden, Norden an Osten eestëmmeg ugeholl huet.

Déi 60 Kandidatinnen a Kandidaten an d'Campagne vun der DP fir d'Chamberwalen 2023 ginn e Samschdeg, de 15. Juli, um 11 Auer am Atelier (54, rue de Hollerich, L-1740 Luxembourg) presentéiert.

Matgedeelt vun der Demokratescher Partei.